LOUTRES NEWS



Mär, Abr Nummer 4/2018/2019

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

Hollywood Camp : 6-12 Abrëll 2019

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

Loutres News N°04 2018/19

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

Rédactioun: Jacoby Vic

Mataarbecht : D´Chefen vun den Loutres
An all Member, deem des Zeitung nët egal ass.

Drock: Eegen Drock

Adress: LOUTRES NEWS
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Mersch
Tel: 691631616

Adress vum Home: 16, Haardter Wee
L-7534 MERSCH
B.P.31
L-7501 Mersch

Internet: www.scouts-loutres.lu

Konto: Les Loutres Mersch

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Beaver Branche	LU03 1111 2051 4284 0000
Wellefchers Branche	LU98 1111 2051 4385 0000
Scouts Branche	LU94 1111 2051 4587 0000
Explorer Branche	LU92 1111 2051 4688 0000

LOUTRES SHOP:

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (50€)

Fro einfach bei dengen Chefen

Mir hun nei Jaketten nobestallt.

Rappel Cotisatioun

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, dat heescht eis Zeitung “d´Loutres News”, “De Scout” ze kréien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jiddereen eng Cotisatioun vun **25€** bezuelen.
D ‘Scoutsjoer ass vum 1.9.2018 bis 31.08.2019

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kreien.

All déi, déi d'Cotisatioun fir 2018 - 2019 nach net bezuelt hunn si gebieden dat bis den 15. Mäerz 2019 nozehuelen.

25€ (43€ fir nei Memberen)

CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000

Les Loutres Mersch
Mentioun : « Cotisatioun 2018/2019»
Numm a Virnumm vum Kand

Samstes den 2 März vun 14:00 – 16:00 Auer an eisem Home
Komm weg. verkleed an Versammlung

Schwammversammlung

Moien Beaver

De Bibu freet sech der matzedeelen, dat et mam Spaass lass geet. Mir ginn alleguer zesummen op Miersch an d´ Schwemm an amuseieren eis do.
Mir freeën eis dech mat an d´ Schwemm ze huelen.

Wéini?	**Samschdes den 9. Mäerz**
Wou?	**Um 14 Auer zu Miersch bei der Schwemm**
Matbréngen?	Schwammsaachen(keen Short), frësch Kleeder, Seeef, Duch, eventuell Ärmercher
Entrée ?	Do muss du Suen matbrengen vir dei ze bezuelen (3€)
Zréck?	**Um 16 Auer zu Miersch bei der Schwemm**

Hues du nach eng Fro oder wëlls de soss nach iergendeng Informatioun dann zeck net an ruff en vun eis un!

Malak (621 157 585)
Hawky (Martine)

Barry(Jacquie) 621433486

fnel scouts & guides

BEAVER FUN DAY

DEM BIBU SENG GEBUETSDAGSPARTY

SAMSCHDES, DEN
11. MEE 2019
VUN 11 BIS 16 AUER

BEIM HOME VUN DE
CAPER PIWITSCHEN

Wichteg Info:
Vergiess däi Picknick fir Mëttes net!

Umeldung bis den **5. Abrëll** bei engem vun dénge Cheffen **AN** per Iwwerweisung vun **10€** mat der Mentioun «Numm a Virnumm vum Kand + BFD» op de Compte vum Grupp.

Weider Informatioune komme no.

Detailer fir de Transport a RDV kriss du nach.

Verpass net den Datum fir Umeldung an op de Loutres Beaverkont ze iwwerweisen: CCPL LU03 1111 2051 4284 0000

Sortie Science Center

Léif Wëllefcher,

Mir verbréngen e flotten Dag am Science Center. Hei kenne mer vill Saachen selwer ausprobéieren a sou villes bäiléieren. Hei sinn eng 60 Statiounen mat verschiddenen Experimenter mee mir kucken eis och 2 Showen un während deem Dag.

Mir fueren mam Zuch vu Miersch aus op Déifferdeng bal virun Dir vum Science Center.

Wéini ? Samstes den 16 Mäerz 2019.

RDV ? um 09:15 zu Miersch op der Gare an Uniform oder Loutres T-Shirt, Softshell a Foulard

Retour ? um 16:30 zu Miersch op der Gare

Prais: 12€ matbréngen op de RDV.

Umellen: iwwert eis Webpage scouts-loutres.lu bis den 13. Mäerz

Mathuelen: Rucksack mat Pic-Nic fir Mëttes, Bidon mat Waasser, an natierlech gutt Laun.

Deng Chefen

SIXPLO 2019

Asterix an Obelix entdecken déi 4 Elementer

Wéini? : 04.-05.05.2019

- Fir d'Sixer → dee ganze Weekend vum 04.-05.05.2019
  - (Second nëmmen wann de Sixer nët ka matgoen)
- Fir déi aaner aus derMeute → Sonndes, den 05.05.2019

Treffpunkt: (Detailer vun Miersch aus kriss du an der nexter Loutres News)

- Samschdes → um 14:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare
- Sonndes → um 10:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Retour: (Sonndes)

- 16:00 Auer zu Beetebuerg op der Gare

Material:

- D'Sixer bréngen hire Gamellesak (Gamelle, Besteck, etc.) fir Samsdes mat, sou wéi eng Lunchbox fir de Pic-Nic vu Sonndes (Samstes gëtt fir d'Sixer gekacht)
- D'Sixer brauchen alles, wat ee fir e Weekend brauch → Carrymatt, Schlofsak, Schlof- a Wäschsaachen, etc.
- Déi aaner Wëllefcher, déi also nëmmen Sonndes kommen, mussen hiere Pic-Nic selwer matbréngen fir Sonndes mëttes.

Präis:

- Fir d'Sixer an d'Cheffen, déi schons Samsdes do sinn: 18€
- Fir all aaner Member aus der Meute: 5€

Umeldung:

- Bis den **20. Abrëll 2019** via Loutres Webpage an och bezuelt hun op de Kont: Les Loutres Wellef : CCPL LU98 1111 2051 4385 0000 mat der Mentioun: „Sixplo a Numm vum Kand".

Scouten a Guiden

Léif Scouten a Guiden,

D'Scoutsekipp invitéiert iech häerzlech op den Orientéierungs-WE an der Miseler Géigend! Dëst ass e Weekend vir déi ganz Trupp wou är Kenntnisser an der Orientatioun ob d'Prouf gestallt ginn, mee och de Spaass un éischter Stell steet.

Wéini: de Weekend vum 30 & 31 Märerz 2019
Wou: Miseler Géigend, Réimech-Munneref-Fréiseng
RDV:Samschdes, den **30 Märerz** zu Mersch op der Gare **um 7:45** (Départ vum Bus um 7:55)
Schluss: Sonndes, den **31 Märerz** zu Mersch op der Gare **um 16:05**

Präis: **25€**/Participant ze iwwerweisen op den Scoutskonto **LU94 1111 2051 4587 0000 mat Kommunikatioun: Numm an „Orientéierungs-WE"** ; +**5€**/Participant fir all Umeldung **nom Délai.**

Umeldung :Bis Méindes, den **04. Märerz 2019** , per **SMS** beim Jennifer Vosman **621 662 114** oder per **Mail** op **jenny_vosman@hotmail.de** w.e.g. Soot direkt bei der Unmellung op eart Kand een bestemmten **Régime alimentaire** befollegt (Végétarier, Intoleranzen, Allergien...)

Material:Pick-nick vir Samschdes Mëttes, Rucksak, Carrymat, Schlofsak, dem Wieder ugepasste Kleeder, Uniform & Foulard, Gamelle, Besteck, Becher, Kompass, Réimer, asw...

P.S. **Iwwerweisung gelt net als Umeldung**, dir musst unbedingt äert Kand per **SMS oder Mail** umellen an dorops hin iwwerweisen. Denkt och un **Kommunikatioun** soss ass Iwwerweisung net gëlteg, well mir net wessen vir wien se ass. Wann soss Froe sinn zéckt net a frot bei engem vun den Cheffen no!

Lénks Patt,
Deng Scoutscheffen

Carissia Demoutiez CT	691 727 569	cdemoutiez@gmail.com
Jennifer Vosman CT	621 662 114	jenny_vosman@hotmail.de
Pierre Prickearts ACT	621 738 748	prickp@hotmail.de
Désirée Tousch ACT	621 400 732	desiree.tousch@gmail.com
Claire Merenz ACT	661 929 592	claire.merenz@hotmail.com

Programm 2. Trimester 2.0

Salut Explorer!

No engem gelongen Start an dat neit Joer geet et direkt wieder an die zweet Halschent vum Trimester. An der Fuesvakanz kennt der iech nach eng kéier kräftegen an dann starten mer zesummen duerch.

16.-23. Februar 2019	Fuesvakanz
2. Märerz	Fuesparty an dono Versammlung, also 14-18 Auer
9. Märerz 2019	Floosfaart
16. Märerz 2019	keng Versammlung
23. Märerz 2019	Versammlung
30. Märerz	Versammlung
6.-22. Abrëll	Ouschtervakanz
6-12 Abrëll	Camp 50 Joer Loutres „Hollywood”
27.-28. Abrell	Prep WE Jamboree USA
18.-19. Mee 2019	Explorer Raid

Eis Versammlungen sinn, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl. ofmellen.

deng Respo'en

Michel & Paul & Pierre

Invitatioun Flossfahrt

Salut Explorer!

Dei lescht Flossfahrt ass schon 2 Joer hier, dofier get et lo Zeit an dei nechst Ronn ze goen. Wei der schon wesst geet et den 9. März op d'Wasser.

Et ass wichteg dass dier alles hudd waat dier fier aer Secherheet braucht, dofier steet hei elo alles un wats de muss denken:

- Eng komplett Ersatztenue an engem separaten klengen Kuerf fier ganz zum Schluss unzdoen.
- Een Veloshelm, falls een an d'Wasser geng faalen muss een sech och net nach den Kapp op engem Steen opschloen.
- Gummistiwwelen, eng wasserfest Box an Jacket, Gummistiwwelen ass dat eenzegt wat helefft, mier kommen net dolanscht mat den Feiss am Wasser ze stoen.
- Een Becher fier zum Schluss eppes waarmes ze drenken.

DEPART: **8 Auer** bei eisem Home

RETOUR: geint **18 Auer** bei eisem Home, dat kann awer och mei frei sinn

Käschten: **15€** op den Kapp, ze iwwerweisen op den Explorerkonto

deng Respo'en

Michel & Paul & Pierre

Moien Beaver, Wëllef, Scouten, Guiden an Explorer



CAMP Hollywood

Du wolls schonn ëmmer Schauspiller sinn a weltbekannt ginn? Dann ass dëse Crash Cours op der Oochener Akademie für Schauspielkunst genau dat richtegt fir dech! Léier ennerhalb vun enger Woch déi verschiddensten Genren ze meeschteren, fir dono en offiziellen Diplom ze erhalen an villäicht kanns dann och du grouss an Hollywood rauskommen! Also pak deng Saachen a komm mat eis mat!

Hei elo e puer ganz wichteg Saachen fir dass de dech umellen kanns wann et nach net sollt gemaach sinn.

Beaver: Interessi bei de Beaver ass ganz kleng fir déi 3 Deeg Camp. Deel weg och mat wann äert Kand net mat geet well mer dann Optioun 3 Deeg komplett sträichen.

Départ: Samstes den 6. Abrëll um 10 Auer Moies bei eisem Home

Retour: Freiden den 12 Abrëll um ca. 17 Auer bei eisem Home

Präis: 200 Euro sinn ze iwwerweisen - Kont „Les Loutres Mersch“
CCPL LU97 1111 0731 7537 0000 mat der Mentioun:
„Camp Hollywood“ an „Numm vum Kand“

Mathuelen: Pic Nic fir den éischten Dag Mëttes
Scouten an Explorer: Ekipement fir dobaussen am Zelt ze schlofen
Beaver a Wëllefcher: Schlofen dobannen brauchen awer och eng Carrymat a Schlofsak
Wan’s du ugemellt bass da kriss du nach all Detailer zum Camp per mail.

Aktivitéiten: Typesch Scouts Aktivitéiten op der Campplaatz mat Konstruktiounen, Grand Jeu, Nuetsspill, Veillée, Ouverture a Clôture vum Camp

Aktivitéiten rondrëm an, an der Staat Oochen: Rallye, Visiten, Schwämm, Temps Libre, Déieren park a méi.

Umellen a bezuelen weg bis den 15. Mäerz 19

Bei weider Froen mellt iech einfach bei eis.

Lenks Patt, deng Cheffen

Léif Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer an Rover,

Den 8 Juni 2019 ass et esou wéit dann ass eis grouß **50 JOER FEIER.**

Alleguer sangen mir een Lidd (50 Joer Loutres op Melodie vun Héich de Bockel voll Gepäck) zesummen an dëst sollt dir all fläisseg léieren.

1. Mir sinn Loutres duerch an duerch
d' coolsten Scoutsgrupp hei am Duerf
50 Joër Spaass,
d' Loutres ginn voll Gaass
Ganz kleng hu mir ugefaang
an dunn sinn mir ganz grouss ginn
well all Kand well Loutres sinn

Refrain: 50 Joër, Happy Birthday
D' Loutres sinn déi Bescht an dat bleift och sou
50 Joër, Happy Birthday
an lo maacht eis dat mol no!!

2. Eis bescht Stéck ass eisen Home
fir deen hunn mir alles ginn
well mir all hei stinn
an cool Scouten sinn
Giel an Schwaarz
dat ass eis Faarf,
dofir jäizen mir ganz haart,
NUMBER One verhal dir dat.

Refrain

3. Um Chrëschtmaart sinn mir déi Bescht,
an do gëtt all Mënsch eis Rescht .
Well hei geet keen Heem,
net bei Stuerm an Reen
An wéi huet et soss geheescht
eemol Scout ass ëmmer Scout
well mir sinn eng grouss Famill.

Refrain

Des Weideren maachen mir zesummen een Danz deen ganz fläisseg muss geübt ginn, Doheem wéi och an den Versammlungen. Hei fannt dir den Link: https://www.youtube.com/watch?v=OobR681KUTo
Deen Deel mam Vëlo (2:08- 2:32) maachen mir net.

Fier den Danz ass et wichteg dass dir all den 8 Juni är Loutres Kaapen matbréngt.

Lenks Patt,
Team Animatioun

Léif Beaver, Wëllef, Scouten, Explorer an Rover,

Den Verlaaf vun der Animatioun ass dass Kanner Danzen, an zesummen 50 Joer Lidd sangen.

Mee des weideren brauchen mir fréiwelleg Kanner déi **secher** den 8 Juni um 50 Joer Loutres sinn, an bereet sinn virun deenen villen Leid eng Riet ze haalen oder sie puer Froen ze stellen.

Wann dir bereet sidd fier des Aufgab dann mellt iech weg un. Gidd des Souche weg aeren Cheffen bis spéitstens den 9 März oof.

50 Joer Loutres

Ech_____ sinn gaeren um 50 Joer Loutres dobéi fier virun den Leid ze schwetzen.

Enerschreft vun den Elteren

_____

5 JOER LOUTRES MERSCH 08.06.2019

Lenks Patt,
Team Animatioun